
EbL
Ëmweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl

# Tätegkeetsbericht

2024



D'EBL 2024 ..... 4
Tëscht Geschicht an Zukunft ..... 7
D'EBL no 33 Joer… ..... 7
**Abonnenten ..... 10**
Gemengen (Stand: 31/12/24) ..... 11
Organisatiounen an Entreprisen (Stand: 31/12/24) ..... 12
**Campagnen ..... 15**
1. Ouni Pestiziden ..... 15
2. Precious Materials ..... 18
3. Mol Nach Emol ..... 19
4. Fro däi Coiffeur ..... 20
5. Publikatiounen ..... 22
6. Naturpakt ..... 23
7. Grénge Web ..... 23
**Projeten ..... 25**
1. Nationale Bestëbserplang ..... 25
2. Nohalteg Digitaliséierung ..... 26
3. Drénkwaasser ..... 27
4. Harespelen ..... 28
5. Neophyten ..... 29
6. Valises pédagogiques ..... 30
7. Kleng Schrëtt ..... 32
8. Klimapakt ..... 33
9. Klimaupassungsstrategie ..... 33
10. Des PETITS défis pour une planète en GRAND danger ..... 34
11. Gedankefloss ..... 35
12. Ëmweltbicher ..... 35
**Press & Radio ..... 37**
**Kommunikatioun ..... 37**
**Veranstaltungen ..... 39**

# VIRWUERT VUM PRESIDENT

## D'EBL 2024



Wann ech de Bilan vum vergaange Joer maachen, da war et fir eis als EBL e ganz positiven. Aus dem vergaangene Joer ass natierlech een Evenement hänke bliwwen, wat Villes verännert huet. D'Affaire Caritas huet gewisen wéi vulnérabel mer sinn. Kriminell Machenschafte vu baussen erschrecken an d'Reaktiounen heirop ginn net onbedéngt Ulass zur Berouegung. Dat wat geschitt ass huet fundamental Froen opgeworf déi kee kloer beäntweren kann oder wëll. Och wann eng nei Struktur d'Aktivitéiten vun der Caritas iwwerholl huet, ass eng wichteg Aufgab vun der Caritas, déi vum kritesche Bléck op d'Sozialpolitik vun der Regierung an de wirtschaftlechen Acteuren, verschwonnen an einfach lénks leie gelooss ginn bei der Reprise. War dat vläit gewollt fir eng kritesch Stëmm lass ee ginn? Wann een Aussoe vun eenzelne Politiker héiert, mee och vun aneren Acteuren, huet een d'Gefill si wiere frou wann d'Zivilgesellschaft sech éischter manner sollt bemierkbar maachen an sech all kritescher Stellungnam sollt enthalen. Riskéiere mer also als EBL an och aner Associatiounen e Maulkuerf ugedoen ze kréien, wa mer eis kritesch äusseren?

Wann ee consideréiert wéivill méi staark déi staatlech Kontrollen an de neie Konventioune gi sinn a wann een erlieft, dass déi finanztechnesch oplagen eis de Beweegungsspillraum ëmmer méi agrenzen, da stellt een sech berechtegt Froen. An der Tëschenzäit ass d'Opstellung vun de Bilanen esou opwenneg dass mer als kleng ASBL eng Persoun praktesch integral domadder beschäftegen, ouni dass mer dee Verloscht un Aarbechtszäit fir eis Projeten awer kompenséiert kréien. Bei eisen däitschen Noperen huet d'Regierung décidéiert, fir d'Dokumentatiounspflicht an d'Bürokratie ze reduzéieren an de Prinzip vum Vertrauen tëscht de Partner erëm méi opzewäerten. Bei eis geet et just an déi entgéintgesate Richtung. Mer erliewen, dass Bilanen méi ewéi emol mussen erageschéckt ginn, well Klengegkeeten net dem dauernd ännerende Standard entspriechen. De Combel vun dësem Kontrollwahn ass, dass e Bilan wéinst e puer Cent, souguer zu Gonschte vum Staat, vu Läschterem verworf gëtt.

Doriwwer eraus kënnt da nach dat neit A.s.b.l.-Gesetz wat esou schlecht geschriwwen ass, dass et dem Usproch fir dat viregt Gesetz ze verbesseren net gerecht gëtt. Éischter de Géigendeel ass de Fall. Wann een e Gesetz ufänkt mat enger Definitioun wou dra steet wat eng A.s.b.l. NET ass am Plaz ze definéieren wat eng A.s.b.l. ass, dann huet een d'Zil scho verfeelt. Wann da nach d'minimal Unzuel vu Memberen op zwee fest geluecht gëtt op der aner Säit d'Unzuel vun Administrateuren op 3 fixéiert gëtt, wou personnes physiques ou morales kënnen Administrateur ginn, ouni iwwerhaapt Member an der A.s.b.l. ze sinn, da kann een sech d'Probleemer, déi opkomme kënnen, liicht virstellen. Wann dann och nach Leit, déi sech an engem Verwaltungsrot engagéieren, riskéieren e finanzielle Schued musse mat ze droen, wéi et elo am Fall vun der Caritas an de Raum gestalt gëtt, da wäert dat benevolt Engagement massiv zeréckgoen.

D'EBL huet engersäits décidéiert, sech versécherungstechnesch esou opzestellen, dass kee Member vum Komitee sech heiriwwer muss Gedanke maachen. An och fir finanziell Onsécherheeten ze miniméieren, hu mer decidéiert fir eis lues a lues eng Finanzreserve opzebauen, déi eis et erlabt eis Salairen an aner Obligatioune kënne weiderzebezuelen, am Fall wou Gelder net oder ze spéit ausbezuelt ginn.

Fir op déi virdrun opgezielte Probleemer an Inkohärenzen opmierksam ze maachen an ze bewierken, dass Onkloerheeten aus der Welt geschaf ginn an eis och bei neie Gesetzesproposen keng nei Hürden fir eis Aktivitéiten an insgesamt fir d'Zivilgesellschaft am Allgemengen operluecht ginn, hunn sech eng Rei ONGen, an ASBLen zesummegedoen, ënner anerem och d'EBL. Ënner dem Numm "VOĈO" hu mer eis eng Plattform ginn, fir zesumme méi eng staarke Reaktioun kënnen ze weisen, wa mer d'Gefill hunn, dass d'Rechter vun der Zivilgesellschaft riskéiere beschnidden ze ginn.

Et ass wichteg, datt mer als EBL aktiv matgestalten a net just drop waarden, dass mer gefrot ginn fir e Projet ze maachen, wou de Kader oft schonn zevill enk ficeléiert ass. Dofir huet d'EBL sech och a weidere Gremien engagéiert, wéi z.B. dem nei geschafenen ERNÄRUNGSROT, deen och aus der Noutwennegkeet entstanen ass, well de viregten (staatlechen) Ernärungsgremium opgeléist gouf. Weider wëlle mer eis aktiv um Opstelle vun enger BUEDEMGESELLSCHAFT abréngen, well mer et wichteg fannen, dass de Schutz vum Buedem endlech eescht geholl gëtt.

D'EBL ass als seriöen an zouverlässege Partner bekannt, wat zur Folleg huet, dass mer ëmmer méi oft sollicitéiert ginn. A wéi der eis kennt, sinn eis Mataarbechter ganz kreativ an innovativ a stellen de Komitee ëmmer erëm viru nei Erausfuerderungen, mat neien Iddien a Projeten. A ville Campagnen, Aktiounen a Gremien ass d'EBL entweder fiederféierend oder op d'mannst staark implizéiert. Den Detail, wéi a wou mer iwwerall als EBL agebonne sinn a wat mer konkret geschafft hunn, kënnt der an dësem Rapport d'activité noliesen. A wien dozou nach méi Informatioune wëll kréien, kann dës op eisem Internetsite fannen oder einfach bei eise Mataarbechter uruffen fir kompetent gehollef ze kréien.

Eng Rei interessant nei Iddie fir Projete sinn an der Entwécklung a mer wäerten iech mat Sécherheet op der nächster AG éischt Ëmsetzunge kënne virstellen. Op Propose vun eise Mataarbechter a nom Accord vum Komitee, deen dës Iddi begréisst, wäert d'EBL sech ab dësem Joer, jeeweils fir e Joer oder wa néideg méi laang, e Leetthema ginn. Mat dësem Thema soll sech da méi verstäerkt ausernee gesat ginn fir eng Rumm ze setzen fir zukënfteg Projeten ze entwéckelen.

Dir gesitt, dass d'Tâche vun der EBL villfälteg sinn a weider zouhuelen. Wa mer haut 6 Mataarbechter hunn da wäert dat, mat all deem wat elo scho leeft an ugeduecht ass an mat allem wat duerch d'Partizipatioun an den ënnerschiddleche Gremien op eis duerkënnt, an Zukunft net méi alles stemmbar sinn. Mer kënnen awer net kontinuéierlech zousätzlech Mataarbechter astellen a mussen eis gudd iwwerleeën, wéi mer eis opstellen fir all dës Aufgabe mat der néideger Suergfalt auszeféieren.

Méi Mataarbechter beinhalt och, dass mer Sécherheet brauchen, fir och ëmmer déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung ze hunn fir d'Salairen ze garantéieren. Och organisatoresch musse mer ab enger gewëssener Gréisst vum Staff iwwer Hierarchien nodenken. Eng aner Pist ass fir um Niveau vum Komitee ze kucken, wéi mer eenzel Tâchen méi do usiddele kënnen, wuelwëssend dass all Komiteesmember sech nieft senger Aarbecht benevol a senger Fräizäit abréngt a net onendlech belaaschtbar ass. Oder siche mer no anere Léisungen, mat enger Struktur déi dem Komitee punktuell bäischafft an och d'Mataarbechter punktuell ënnerstëtze kéint?

Am Dossier "gemeinsamt Ëmwelthaus", dat nom Prinzip vun der Nohaltegkeet soll funktionéieren, zesumme mat aneren Acteuren aus dem ökologeschen, dem sozialen an dem ekonomesche Spektrum, si mer konkret amgaang auszeloten, wie méiglech Partner kéinte sinn, wéi dat existéierend Konzeptpabeier ka verfäinert a no konkrete Lokalitéiten gesicht ka ginn, fir da mat de respektiven Decideuren déi néideg Gespréicher féieren ze kënnen.

Dass mer ëmmer méi sollicitéiert ginn ass an éischter Linn de Verdéngscht vun eise Mataarbechter. Wann ee vun EBL schwätzt da gëtt dat an éischter Linn mat hinnen associéiert. Si triede fir d'EBL dobaussen op an féieren och déi meeschten Gespréicher mat den Decideuren, déi schlussendlech driwwer entscheeden, ob e Projet der EBL zougedeelt gëtt oder net. Hir Kreativitéit, hirt Engagement

an hir Kompetenz sinn e Garant fir eisen Erfolleg. Natierlech ass och d'Kompetenz vun de Komiteesmemberen, resultéierend aus hirer praktescher, dagdeeglecher Aarbecht an dem Wëssen iwwer d'Besoine vun de Gemenge an doriwwer eraus, e weidere Garant dofir, dass mer mat eise Projeten déi richteg Theeme behandelen. An da sinn do natierlech och all eis Memberen matverantwortlech fir d'Dynamik déi d'EBL auszeechent, well si eis engersäits mat hire Froen merausfuerderen, mee anerersäits och e wichtegen a wäertvollen Input zu villen Theematike ginn.

Ofschléissend wëll ech iech all fir äert Engagement fir d'EBL no vir ze bréngen, en décke Merci soen.Dee Merci geet u meng Kollegen aus dem Komitee, déi sech nieft hirem normalen Job, deen se voll auslaascht, benevol asetzen a keng Méi scheien, fir sech esou vill et hinne méiglech ass anzebréngen an d'Mataarbechter ze encadréieren an hinne mat hirer Erfahrung Hëllefstellung ginn. Dee Merci geet besonnesch un eis Mataarbechter, déi ëmmer erëm fir Iwwerraschunge gutt sinn an eis als Komitee reegelméisseg erausfuerdere mat hiren Iddien. Et spiert een hir Freed un der Aarbecht. Hirt Engagement an hir Bereetschaft fir ëmmer erëm och nei Défien unzehuelen, hunn d'EBL grouss gemaach an zu engem gesichtene Partner gemaach. Merci dofir u jidder Eenzelnen.

Zesummen, Memberen, Mataarbechter a Komitee hu mer scho vill bewierkt fir den Ëmwelt-, Natur- a Klimaschutz no vir ze bréngen. Wann een mat oppenen Aen duerch d'Welt geet, erkennt jiddereen, dass et net de Moment ass fir d'Hänn an de Schouss ze leeën. Et bleift awer nach ëmmer vill ze dinn an et kommen och ëmmer erëm nei Erausfuerderungen op eis duer. Fir déi unzegoe brauche mer jidder Eenzelne mat senger Expertise sengem Engagement, fir virun allem vill Matbierger ze iwwerzeegen, dëse Wee mat eis ze goen a hinne Méiglechkeeten opzeweisen, méi nohalteg ze liewen.

Merci un iech all.



Guy SPANIER

President vun der EBL a.s.b.l.

# PRETT FIR DÉI NÄCHST ERAUSFUERDERUNGEN

## TËSCHT GESCHICHT AN ZUKUNFT

Säit iwwer 30 Joer steet d'EBL am Déngscht vum kommunale Klima- an Ëmweltschutz. Trotzdeem stinn deene villen erfollegräichen a positive Projeten an Aktiounen weiderhi vill al a nei Erausfuerderunge géintiwwer. Dass d'EBL no esou ville Joren ëmmer nach aktiv ass weist op der enger Säit d'Entschlossenheet, d'Motivatioun an d'Qualitéit vun eiser Aarbecht an awer och, dass de Schutz vun eiser Ëmwelt ni e fait accompli ass a stänneg weidergefouert an erneiert muss ginn. Aus deem Grond si mir och weiderhi vun der Wichtegkeet vun eisem Veräin iwwerzeecht a wëllen eis och déi nächst Jore mat Asaz an Iwwerzeejung fir eise Planéit asetzen.

D'EBL huet mëttlerweil iwwer 80% vun de lëtzebuerger Gemenge fidéliséiert a kann esou schonn op direktem Wee e Groussdeel vun der Bevëlkerung vum Land mat Aktiounen a Projeten erreechen. Mee och iwwert dës Gemengen eraus ass d'EBL aktiv a wäert net ophalen, bis dass jiddereen sech senger Verantwortung zum Schutz vun eiser Ëmwelt bewosst ass.

Den 11 Leit grousse Comité gëtt dobäi d'Virgabe fir de Grupp vu 6 Mataarbechter*innen ze guidéieren.

## D'EBL NO 33 JOER…

... hat, iwwert all déi Zäit gekuckt, insgesamt...

- **87** abonnéiert Gemengen (2024: 86)
- **90** Privatmemberen (2024: 48)
- **24** Leit am Komitee (2024: 11)
- **22** Mataarbechter*innen (2024: 6)
- **17** Stagiairen an Hëllefskräften (2024: 2)
- **Eng helle Wull** a Projeten a Campagnen (2024: idem)



# TEAM EBL

D'EBL gëtt geleet vun engem Comité, an deem et 2024 zwou Ännerunge par Rapport zum Joer virdru gouf. Mam Guy Spanier als President, dem Luc Friedrich als Vize-President, dem Laurent Majerus als Sekretär an dem Jos Mathieu als Trésorier huet sech op de Responsabilitéitsposte näischt verännert. Keng nei Kandidatur gestallt hunn dogéint d'Comitésmembere Martine Schummer a Marc Jacoby. Nei an de Comité gewielt goufen de Jeremy Harik an den Daniel Flies. Mir wënschen hinnen zwee vill Erfolleg bei der EBL an dem Martine an dem Marc soe mir e ganz grousse Merci fir déi vill flott Momenter an hire wäervollen Engagemengt wärend all deene Jore bei der EBL.



D'EBL hat am Joër 2024 insgesamt 7 Mataarbechter, déi d'Dagesgeschécker vun der EBL geleed hunn. De Kontrakt mam Julie GARLINSKAS gouf am Februar an en CDI ëmgewandelt, wärend d'Céline DUCOURANT, den Adrien FLAMMANG, de Fränz HAUSEMER, de Gil KIRCHEN an de Nils LECHES dem Veräin och weiderhin als Mataarbechter*innen erhale bloufen. D'Marianne KOLLMESCH huet Enn Mee seng berufflech Karriär ausklénge gelooss, sou dass mir him elo alles Guddes a senger wuelverdéngter Pensioun wënschen, och wa mir hatt bei der EBL vermësse wäerten. MERCI MARIANNE! Mam Luana LADROYE a Nicki BASSING hunn och 2024 nees zwee Jonker e Stage vu je 4 Woche bei der EBL gemaach. Ergänzt gëtt d'Ekipp duerch eis Happiness Managerin „Michou".

## Mataarbechter*innen



Fränz
HAUSEMER



Gil
KIRCHEN



Julie
GARLINSKAS



Julie
GARLINSKAS



Julie
GARLINSKAS



Julie
GARLINSKAS



Michou
*Happiness Managerin*

## ABONNENTEN

D'EBL hat zum 31. Dezember 2024 insgesamt **25 abonnéiert Organisatiounen**, wat e Plus vu 1 Abonnent par Rapport zum leschte Joer duerstellt. Neien Abonnent ass 2024 den **Ettelbrécker Lycée (LTEtt)** ginn. D'Zuel vun kommunalen Abonnenten ass mat **86 abonnéierte Gemengen** 2024 ëm 10 Gemeng eropgaang, wat virun allem duerch e Changement vum Abonnement vum Naturpark Our ze erklären ass, duerch dat ab 2024 all d'Membergemenge vum Naturpark Abonnent vun der EBL goufen. Doduerch si mëttlerweil knapp 95% vun der Bevëlkerung (+4% par Rapport zu 2023) iwwer hir Gemeng bei der EBL ugeschloss. Doriwwer eraus zielt de Veräin Enn 2024 **48 Privatmemberen** (+2 par Rapport zu 2023).

## GEMENGEN (STAND: 31/12/24)

| | | |
|---|---|---|
| BECKERICH | BERTRANGE | BETTEMBOURG |
| BETZDORF | BISSEN | BIWER |
| BOULAIDE | BOURSCHEID | BOUS-WALDBREDIMUS |
| COLMAR-BERG | CONSDORF | CLERVAUX |
| CONTERN | DALHEIM | DIEKIRCH |
| DIFFERDANGE | DIPPACH | DUDELANGE |
| ELL | ERPELDANGE | ESCH-SUR-ALZETTE |
| ESCH-SUR-SÛRE | ETTELBRUCK | FRISANGE |
| GARNICH | GOESDORF | GREVENMACHER |
| GROSBOUS-WAL | HELPERKNAPP | HESPERANGE |
| HOBSCHEID | JUNGLINSTER | KÄERJENG |
| KAYL | KEHLEN | KIISCHPELT |
| KOERICH | KOPSTAL | LAC DE LA HAUTE-SÛRE |
| LEUDELANGE | LORENTZWEILER | LUXEMBOURG |
| MAMER | MANTERNACH | MERSCH |
| MERTERT | MERTZIG | MONDERCANGE |
| MONDORF-LES-BAINS | NIEDERANVEN | NOMMERN |
| PARC HOSINGEN | PÉTANGE | PRÉIZERDAUL |
| PUTSCHEID | RAMBROUCH | RECKANGE/MESS |
| RÉDANGE | REISDORF | REMICH |
| ROESER | ROSPORT-MOMPACH | RUMELANGE |
| SAEUL | SANDWEILER | SANEM |
| SCHENGEN | SCHIFFLANGE | SCHUTTRANGE |
| STADTBREDIMUS | STEINFORT | STEINSEL |
| STRASSEN | TANDEL | TROISVIERGES |
| USELDANGE | VIANDEN | VIICHTEN |
| WALDBILLIG | WALFERDANGE | WEILER-LA-TOUR |
| WEISWAMPACH | WILTZ | WINCRANGE |
| WINSELER | WORMELDANGE | |

## ORGANISATIOUNEN AN ENTREPRISEN (STAND: 31/12/24)

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 100 joer natur&ëmwelt | OUR Naturpark | NATURPARK ÖEWERSAUER | SDK SuperDrecksKëscht | MINETT UNESCO BIOSPHERE |
| MINETT KOMPOST | SIDEC | SYNDICAT DES EAUX DU SUD KOERICH | STEP | pro sud |
| KANTON RÉIDEN | IGLux Ingenieurgemeinschaft Luxemburg s.à r.l. | | Schroeder & Associés | CHEM Centre Hospitalier Emile Mayrisch |
| CFL | de Buedemleër | SES | LUXEMBOURG INSTITUTE OF SCIENCE AND TECHNOLOGY LIST | OGB·L LE SYNDICAT |
| SIAS Syndicat intercommunal à vocation multiple | wunnéngs hëllef asbl | SIACH | Lycée Technique d'Ettelbruck | nfpc Centre national de formation professionnelle continue |

## REUNIOUNEN

Am Laf vum Joer 2024 huet d'EBL un iwwer 400 Réiounen, Aarbechtssitzungen a Projetsversammlungen deelgeholl, wat nach emol eng Steigerung vun 18% par Rapport zum Joer virdrun duerstellt, woubäi hei informell Treffen an intern Echangen tëscht eise bénévole Comitésmembere net matgezielt goufen.

Den Télétravail ass par rapport zum Joer virdrun relativ stabel an ass bei der EBL mëttlerweil gutt etabléiert, sou dass och 2024 en Undeel un Online-Versammlunge stattfonnt huet.

| Bezeechnung | Unzuel |
|---|---|
| Comités-Sëtzungen | 9 |
| Ouni Pestiziden | 67 |
| Gutt Geschier | 19 |
| Precious Materials | 62 |
| Mol Nach Emol | 22 |
| Transforma & économie circulaire | 4 |
| Grénge Web | 8 |
| BNE | 21 |
| Plan Pollinisateur | 6 |
| Klimawandel konkret (EDI Madagascar) | 6 |
| Klimapakt & Naturpakt | 16 |
| Betti & Litti | 53 |
| Aner Projetsréuniounen | 58 |
| Serie um Radio 100komma7 | 4 |
| Préparatioun fir Formatiounen & Events | 30 |
| Formatiounen an Events | 39 |
| Aner divers Réiounen | 14 |
| Team-Meetings & intern Réiounen | 62 |
| TOTAL | 500 |

## ZIVILGESELLSCHAFT A GEFOR?

Am Juli 2024 huet déi sougenannten Affaire Caritas héich Welle geschloen. Nieft dem eigentleche Verbriechen (Verontreiung vun 61 Milliounen €) koum awer och séier d’Fro no der Verantwortlechkeeten op an och wéi enger Associatioun an esou engem Fall gehollef gëtt.

Äntwerten op dës Froe ginn et bis haut nach keng. Allerdéngs gouf séier kloer, dass dës laangjäreg a verdéngschtvoll Associatioun net géif vun ëffentlecher Hand ënnert d’Äerm gegraff kréie. Domadder sollt dës wichteg Stëmm géint d'Armut der lëtzebuerger Zivilgesellschaft definitiv verluer goen. Déi wierklech Affer vun dësem Skandal sinn dobäi d’Mataarbechter*inne vun der Caritas, d’Beneficiaire vun de sëllege Projeten, déi net weidergefouert ginn an awer och déi ganz Zivilgesellschaft, déi net just de wichtege Plaidoyer politique vun der Caritas verléiert, mee och insgesamt an der breeder Ëffentlechkeet diskreditéiert an delegitimiséiert gouf.

Fir dëser Entwécklung entgéintzewierken a sech mat de ville Mataarbechter*inne vun der Caritas solidaresch ze weisen, hunn sech Ufangs Oktober 33 Associatiounen, dorënner och d’EBL, zesummegedoen, fir sech am Kader vun enger Pressekonferenz op der Place Clairefontaine gemeinsam un d’Ëffentlechkeet ze riichten a sech deene ville Attacke vun alle Säiten op d’Zivilgesellschaft entgéintzestellen. Eng lieweg, divers, kritesch a resilient Zivilgesellschaft ass essenziell fir eng gesond Demokratie an eng funktionéierend Gesellschaft. D’Integritéit vun de Veräiner an d‘Associatiounen aus ville Beräicher wéi dem Ëmweltschutz, dem Sozialen oder der Entwécklungszesummenaarbecht gëtt onberechtegterweis pauschal a Fro gestalt an der Zivilgesellschaft hir Daseinsberechtegung gëtt doduerch vu villen ugezweifelt.

Dëst ass eng reell Gefor fir eise Secteur, fir all déi wäertvoll a wichteg Aarbecht vun den Associatiounen zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus och fir de fräien Debat an d’Demokratie an eisem Land. Dofir hunn sech Enn 2024 och de Gros vun de Participante vun der Oktober-Manifestatioun dozou entschloss, sech weiderhin zesummenzedoen, sech auszetauschen an ze agéieren, fir d’Zivilgesellschaft ze verdeedegen. Et war dëst de Start vun der Plattform „Voĉo“ (Esperanto fir „Stëmm“), déi ab elo hir gemeinsam Stëmm erhiewe wäert, wou ëmmer d’Zivilgesellschaft a Gefor geréit! D’EBL vertrëtt dës Initiativ voll a ganz an huet sech Voĉo deemno och vun der éischter Stonn un ugeschloss.

Fir eng gemeinsam Stëmm, fir eis Zivilgesellschaft a fir eng besser Welt.

## CAMPAGNEN

Ënnert Campagne versti mir e längerfristegt Engagement, bei deem d'EBL d'Koordinatioun iwwerholl huet oder den Initiator ass. Oft ginn d'Campagne mat anere Partner ëmgesat a lafen iwwer an Rei Joren, mat ëmmer nees neien Elementer, Aktiounen an Entwécklungen. Campagne kënnen an allen Ëmweltberäicher gemaach ginn oder méi Aktiounsfelder ëmfaassen oder och eng Austauschplattform duerstellen.

### 1. OUNI PESTIZIDEN

#### INTRO

D'Campagne Ouni Pestiziden setzt sech säit iwwer 15 Joer fir e Verzicht, respektiv e méi nohaltegen Ëmganz mat Planzeschutzmëttel a Biozіden an a regruppéiert eng grouss Zuel u nationalen Akteuren aus dem ëffentlechen an assoziative Beräich. D'EBL assuréiert säit dem Start d'Koordinatioun vun der Campagne a krut 2024 och eng nei Konventioun mam MECB op zwee Joer (2024-2025) fir d'Gestioun.

#### IWWERBLÉCK

D'Campagne Ouni Pestiziden geréiert säit 2023 zwou Aarbechtsgruppen, déi och 2024 ganz aktiv waren: Stauden Ouni Pestiziden (1) an Naturnoe Gaart (2). Béid Aarbechtsgruppen hu sech 4x en halwen Dag sur place getraff fir un den Theemen ze schaffen a mat konkrete Projeten ze verbannen. Nieft den Aarbechtsgruppe stoung awer och d'Sensibiliséierung vum Bierger nees am Haaptfokus an et gouf eng Rei Participatioune bei Fester a Veranstaltungen. Den Internetsite vun der Campagne gouf och ganz nei gemaach an 2024 verëffentlecht. Doriwwer eraus gouf d'Netzwierk vun der Campagne och weider gepfleegt an ausgebaut.

#### HAAPTAKTIVITÉITEN

**Aarbechtsgrupp „Stauden Ouni Pestiziden":**

Zil ass et, eng national a pestizidfräi Staudeproduktioun unzestoussen, fir der grousser Demande no ëkologesche Staude säitens de Gemengen an de Naturparken, awer och de Privatleit nozekommen. Säit Fréijoër 2023 huet den Aaarbechtsgrupp e Planungsprozess ugefangen, dee vum Bureau Zeyen + Baumann begleet gëtt an zu enger „*feuille de route*" féiere soll, déi déi ëkologesch, ekonomesch a logistesch Viabilitéit vum Projet op e séchert Fundament stelle soll.

Et gouf eng Ëmfro duerchgefouert bei allen Gemengen, fir méi iwwert déi aktuell Demande an d'Bereetschaft fir un dësem Projet deelzehuele gewuer ze ginn.

Et gouf e Lastenhaft erschafft, dat sech un déi zukünfteg Produzente riicht an an deem verschidde Regelwierker zu Produktioun an Hierkonft vu Soom, Wëllstauden an Zierstauden erstallt goufen.

De 19. Juni 2024 huet eng Visite vun der Staudegärtnerei „*Staudenspatz*“ a Bayern stattfonnt, fir méi iwwert déi gäertneresch Praxis an d'Vermaartung vu Staude gewuer ze ginn.

Aarbechtsgrupp „Naturnoe Gaart“:

Zil ass et d'Biodiversitéit iwwert de Wee vum naturnoe Gäertneren ze promouvéieren. Dëst kann iwwert verschidde Weeër erreecht ginn. Op der enger Säit gouf op Demande vun der Akerbauschoul e Lastenhaft mam Titel „*Naturnoe Gaart a Grëngflächen – eng Definitioun*“ ausgeschafft. D'Akerbauschoul krut dëst Dokument iwwereecht an wäert et benotzen fir dëst Thema verstäerkt an hiren Couren ze behandelen.

Dorop baséiert huet de Grupp och ugefangen, un enger Formatioun fir naturno Gäertner ze schaffen déi an Zesummenaarbecht mam CNFPC ëmgesat soll ginn.

Den 30. Mee huet d'Aaarbechtsgrupp ausserdeem eng Visite vu verschiddene naturnoe Gäert an Anlagen am Norden gemaach. Geféiert gouf des Visite vum naturnoe Gäerter Simon Braschel.

Sensibiliséierung

Paralell dozou sensibiliséiert d'Campagne de Grand Public iwwert d'ganzt Joër zu den Theeme Pestiziden, Biodiversitéit a naturnoe Gaart duerch Publikatiounen a Videoen, ronn 40 Posts op de soziale Medien an awer och duerch Presenz op diverse Fester mat engem Stand, Infomaterial, Spiller oder einfach nëmmen duerch d'Gespréich an en Dialog mam Bierger. D'Campagne war op folgende Fester present:

- Fest vun der Natur
- Waasserfest
- Oekofest
- Biowoch
- Biergerforum Stengefort
- Transition Days
- Klima- an Biodiversitéitsdag – SIAS

E weidere grousse Chantier war d'Realisatioun vun engem neien Internetsite vun der Campagne (www.ounipestiziden.lu). Den Zilpublikum hei sinn och d'Bierger. Säit Mäerz 2024 online, ass dësen méi “userfriendly” wéi virdrun. Et fënnt een hei an dräi Sprochen (LU, FR, ENG) vill Informatiounen zu Pestiziden an Alternative fir den alldeegleche Gebrauch. Nierft Texter a ville Fotoen, gëtt et och Links zu den diverse Videoen, déi vun der Campagne produzéiert goufen. All bestoend Artikele goufen iwwerschafft an aktualiséiert.

Weiderhi gëtt un neien audiovisuelle Formater geschafft. Esou gouf d'Produktioun fir e Video iwwert d'Uleeë vun engem naturnoe Gaart an enger Blummewiss lancéiert. Animéiert an encadréiert gëtt dëse Chantier vum Naturgäertner Änder Erpelding.

Fir weiderhinn d'Bierger ze sensibiliséieren ass d'Woch ouni Pestiziden wéi all Joers e wichtege Moment an der. Zwëschen dem 20. an 30. Mäerz 2024 gouf verstäerkt iwwert Pestizide an iwwert de Lancement vum neien Internetsite kommunizéiert. En deegleche Post zum Thema Pestiziden an hir Alternativen op de social Media gouf ergänzt duerch Optrëtter op der Tele, um Radio an duerch e Communiqué un déi geschriwwen an déi audio-visuell Press.

### Réseautage

D'Campagne Ouni Pestiziden sicht den Austausch op politeschem an administrativem Niveau zum Thema vum aktuellen an zukünftege Gebrauch vu Glyphosat an anere Pestiziden an der EU an zu Lëtzebuerg. An dësem Kader gouf et Treffe mat:

- Der Europadéputéierter Thilly Metz (2x)
- Der fréierer Ëmweltministesch Joëlle Welfring
- Der ASTA

Am Kader vum Dossier Glyphosat huet d'Campagne en oppene Bréiw un d'Landwirtschaftsministesch Martine Hansen adresséiert an wärend dem Gespréich mat der ASTA och nach emol eng formell Demande fir e Gespréich mat der Ministesch zu akteullen Theme gemaach, bis elo nach ouni Retour.

Weider Gespréicher gouf et e.a. mat:

- Greenpeace Lëtzebuerg
- IBLA, dem Institut fir biologesch Landwirtschaft
- Plattform "Meng Landwirtschaft"

### Labo-Analysen

All Joër test d'Campagne Stéchprouwe vu verschiddenen Zierblumme vu zoufälleg ausgewielte Gemengen a Betriber op Pestizidréckstänn. Dës Prouwe ginn an engem spezialiséierten Laboratoire analyséiert an d'Resultater ginn de respektive Gemengen a Betriber matgedeelt. Dëst Joër goufen 23 Prouwe gemaach.

## AUSBLÉCK

Gemeinsam hunn d'Partner vun der Campagne Ouni Pestiziden decidéiert fir déi zwou Aarbechtsgruppen an der Kontinuitéit weiderzeféieren.

Den Aarbechtsgrupp „*Stauden ouni Pestiziden*" wäert deemno verstäerkt de Planungsprozess vun enger nationaler pestizidfräier Staudeproduktioun virundreiwen. Dës éischt Etapp soll Ufangs 2025 mat engem Varianteverglaich zu verschiddene ekonomesche Modeller ofgeschloss ginn. Och wäert d'Campagne mat bestoende Staudeproduktiounen a Kontakt trieden, fir méiglech Kollaboratiounen ze envisagéieren. Eng zukünfteg Promotioun vum Projet bei de Gemengen iwwert Sensibiliséierungscampagnen a Formatioune vu Gemengegäertner am Ëmgang mat Staude-planzunge stinn och um Programm. Enn 2025 soll dann och dee komplette Fahrplan fir de Projet

stoen. D'Sich no potentielle Finanzéierungsméiglechkeete fir de Lancement ze garantéiere wäert och schonns am Laf vum Joer gestart ginn.

Den Aarbechtsgrupp „Naturnoe Gaart" wäert sech 2025 verstäerkt mam Opbau vun enger Formatioun fir Gäertner beschäftegen, déi gewëllt sin, sech am Plangen an Ëmsetze vun naturnoe Gäert ze schoulen. D'Zil besteet doran, méi naturno Gäertner op de Maart ze bréngen, fir der grousser Nofro entgéint ze kommen. Hei wäert och d'Definitioun vum „Naturnoe Gaart", déi d'lescht Joer ausgeschafft gouf, applizéiert gin. Ausserdeem ass eng Kollaboratioun mam Projet „Naturréseau" vu natur&ëmwelt ugeduecht, dee méi Biodiversitéit durch Kartograféieren an Auszeechne vun naturnoe Gäert vun de Bierger ustrieft.

Och 2025 soll nees verstäerkt an d'Sensibiliséierung an an d'Ëffentlechkeetsaarbecht investéiert ginn a virun allem nees d'Woch ouni Pestiziden als groussen Ophänker déngen, fir d'Aarbecht an d'Uleies vun der Campagne no baussen ze droen.

D'Theema Neophyte soll ab 2025 an d'Campagne integréiert ginn, dëst virun allem wéint dem staarke Lien zur Biodiversitéit an dem Gebrauch vu Pestizide bei der Bekämpfung vun deenen Aarten. Op d'Theema vun den Éiwegkeetschemikalien (PFAS) soll 2025 e Fokus geluecht ginn, souwäit déi och a Planzeschutzmëttel an a Bioziden agesat ginn.

## 2. PRECIOUS MATERIALS

### INTRO

De Projet Precious Materials integréiert sech an de mëttlerweil weltwäite Community-Projet „Precious Plastic", deen 2013 an Holland gestart gouf. Precious Materials stellt den éischten Hub dovunner zu Lëtzebuerg duer. Duerch d'Bedeelegung an a vun dëser Communautéit kritt d'EBL Kontakter zu villen Acteuren, wat schonn zu interessanten Echange gefouert huet. Precious Materials setzt doriwwer eraus awer och e staarke Fokus op d'Sensibiliséierung a wëllt duerch innovativ a kreativ Weidernotzungen d'Wäertschätzung vun der Ressource Plastik ervirhiewen. Wéi den Terme Precious Materials schonn undeit, kéint de Projet spéider och vum Plastik op aner Materialien ausgedeent ginn.

### IWWERBLÉCK

Mat enger spezieller mobiller „Plastiksmaschinn", hält d'EBL geziilt Workshops zum Theema Offall a Plasticrecycling an awer och punktuell Objeten zu Demonstratiounszwecker hierstellen. De Projet Precious Materials versicht de Kanner op eng praktesch a flott Aart a Weis d'Kreeslafwirtschaft méi no ze bréngen a motivéiert fir anecht ze denken: aus Alem kann een Neies maachen. Mat der Plastiksmaschinn si mir an d'Schoule gaangen an hunn de Kanner de Prinzip vun der Kreeslafwirtschaft méi no bruecht, al Plastiksstëpp geschreddert an ageschmolt. Och hu mir Spiller ronderëm de Recycling an d'Kreeslafwirtschaft mat de Kanner gemaach.

Doduerch léieren si net nëmmen déi verschidden Zesummesetzunge vum Plastik an hir Eegenschafte kennen, mee duerch de Fokus deen um Produktdesign läit gouf hinnen erkläert, wéi Objete konzipéiert solle sinn, fir dass eng 100% Réckféierung an de Kreeslaf erméiglecht gëtt. D'Atelieren an de Schoule goufen, wéi och dat Joer virdrun, a Kooperatioun mam Jessica Theis (1001 Tonnen) duerchgefouert an huet a verschidde Klassen an der VDL, zu Esch an zu Klierf stattfonnt.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

- Duerchféiere vun 19 Workshoppe fir Schoulen an aner Edukativ Instanzen an der VDL, zu Klierf an zu Esch-Uelzecht
- Austausch mam Jessica Theis fir en Deel vum Workshop an e pädagogesche Koffer ze leeën. Dëse Koffer kann ausgeléint ginn ab der Rentrée 2024, well d'Jessica net méi mat sengem Projet weidermécht.

- Nodeems d'Maschinn a verschiddene Schoule getest gouf, ass de Projet richteg ugelaf.
- Verschidde Formatioune fir Jugendlecher goufen och am Kader vun dësem Projet gehalen.

### AUSBLÉCK

Well de Plastkworkshop eng komplizéiert Organisatioun verlaangt, versiche mir de Workshop auszebauen an en doduerch méi einfach an accessibel fir all Zort vu Kannersensibiliséierung ze benotzen. Eng Méiglechkeet géing doranner bestoen, de Workshop an déi verschidden Etappe vum Plastik-recycling an -upcylcing an seng verschidden Deeler ze trennen an doduerch e méi praktesche Workshop auszebauen.

## 3. MOL NACH EMOL

### INTRO

De Projet Mol Nach Emol ass 2023 lancéiert ginn. D'Konzept ass änlech wéi dat vum Projet Gutt Geschier. Recuperéiert Faarwen a Schoulmaterial a verschiddenen Ausféierunge ginn agesammelt, opbereet a Kollektivitéiten zu Verfügung gestallt, an dëst iwwert en Ausléinsystem.

### IWWERBLÉCK

D'Ressourcenzenteren zu Lëtzebuerg stelle verstäerkt fest, dass ëmmer nees Material ewechgeheit gëtt, dat nach brauchbar ass. De Projet "Mol Nach Emol" well unhand vum Réemploi an der Opwäertung vu Schoulmaterial e konkret Beispill vu Kreeslafwirtschaft an de Bildungssystem integréieren. Faarwen, Blieder an anert Schoulmaterial ginn an de Ressourcenzenteren sou wéi op anere Sammelstelle gesammelt, vun der Fondatioun Kräizbierg iwwerschafft (gebotzt, gespëtzt, desinfizéiert, etc.) an dann de Schoulen, Maison Relaisen, oder aneren Institutioune gratis zur Verfügung gestalt. D'Këschten déi als Sammelstellen op ville verschiddene Plazen uechter d'Land opgestallt ginn si genee esou aus Second-Hand Material

gemaach. E längerfristegt Zil vum Projet ass et och, d'Schoulen iwwert e pedagogesche Programm an de Projet anzebannen, z.B. duerch d'Erschafe vun de Sammelstellen oder d'Bedeelegung vu Lycéesklassen un der Hierstellung vu recycléierte Kits.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

- Analyse vun de Quantitéiten, de Formen an dem Weidernotzungspotential vu Faarwen am Ressourcenzenter
- Verschidde Reunioune goufe mat de Partner organiséiert fir iwwer de Projet ze schwätzen
- D'Ressourcenzenteren STEP a SIGRE hunn sech der Initiativ ugeschloss a sammele Schoulmaterial mat
- De Projet gouf op der Porte Ouverte vum SIVEC offiziell virgestalt
- Eng Pressekonferenz an e Promo-Video fir de Projet ze promouvéieren
- D'Websäit gouf erweidert mat enger Kaart wou all d'Sammelstellen (ausser déi an de Schoulen) opgelëscht sinn an een online Formulaire deen een ausfëlle ka fir Material zu Verfügung gestalt ze kréien.

### AUSBLÉCK

Mat de neie Partner ka méi Material gesammelt ginn an et erschaft een méi Offer. Doduerch kann een dann ufänken, de Projet op dat ganzt Land auszeweiten. Esou kéint een iwwerall zu Lëtzebuerg Material sammelen a gratis siche goen. Och ass d'Ambitioun do fir nach méi Ateliers protegées oder Acteure mat enger Sozialer Notten an de Projet ze integréieren.

## 4. FRO DÄI COIFFEUR

### INTRO

Fro däi Coiffeur stellt en erfrëschend Experiment um Niveau vun der Ëffentlechkeetsaarbecht an der Sensibiliséierung duer. D'Ausgangsiddi baséiert op zwou Studien aus England an den USA, bei deenen d'Fuerscher erausfonnt hunn, dass d'Probanden sech zu engem bestëmmten Theema (a béide Fäll d'Theema Bluttzocker/Diabetes) éischter vum Coiffer sensibiliséiere gelooss hunn, wéi vun engem Expert (an deem Fall den Hausdokter). Dëst war de Fall onofhängeg vun der Qualitéit vun der Sensibiliséierung. Doduerch koum bei der EBL d'Iddi op, d'Leit net als Ëmweltberoder ze sensibiliséieren, mee via d'Coiffeuren.

### IWWERBLÉCK

Ausgeschafft goufen heifir visuell flott an humorvoll Käertercher, déi zum diskutéieren an Nodenken ureege sollen. Des Käertercher gräifen eng Rei ënnerschiddlech Ëmwelt- a Naturschutztheemen op a sollen unhand vun engem lëschtege Sproch oder enger sarkastescher Fro de Lieser op d'Thematik opmierksam maachen.

Ausgeschafft goufe fir den Ufank 12 Käertercher op 2 verschidde Sproochen (Lëtzebuergesch a Franséisch). Dës Käertercher sollen a verschiddene Coiffeursalonen ausgeluecht ginn, esou dass dem Client säin Bléck beim Waarden oder beim Hoerschneiden drop fält an et eventuell souguer doduerch zu engem Gespréich doriwwer mam Coiffeur kënnt. Weder de Client, nach de Coiffeur muss mam Theema vertraut sinn, d'Haaptzil ass et éischter fir d'Opmierksamkeet zu engem bestëmmte Sujet op eng labber an ongezwongen Aart a Weis ervirzeruffen an iwwert d'Diskussiounskultur an de Käpp ze verankeren.

## HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

- Ausdrécke vun de fäerdege Kaarten op béid Sproochen
- Ausdrécke vun engem Guide fir de Coiffeur a Flyeren
- Preparatioun vu Stännere mam Logo vum Projet drop
- Lancement vum Projet am Januar 2024 (Pressecommuniqué, sozial Medien, Radio, Zeitungen, etc…)
- Logo "Fro däin Tätowéierer" gouf ausgeschafft
- De Site vum Projet (fromech.lu) ass am Januar 2024 online gaang
- Direkt Demarche an de Salonen zu Esch, zesumme mam Service écologique vun der Gemeng Esch
- 23 Salonen maache bis ewell beim Projet mat

## AUSBLÉCK

Och dëst Joer sollen dann och aktiv d'Coiffeure kontaktéiert an démarchéiert ginn, wa méiglech an Zesummenaarbecht mat de Gemengen. Et soll och nees méi en enke Kontakt mat der Coiffeursfederatioun gesicht ginn. Mëtt 2025 soll de Projet evaluéiert ginn an je no Succès ugepasst an op d'Tätowéierer ausgedeent ginn. Weider Kaarte mat zousätzlechen Thematiken sollen och eventuell ausgeschafft ginn. Och eng spéider Interaktioun mam Client, zum Beispill iwwert e Sammelspill vun de Kaarten, déi dann zeréckgeschéckt musse ginn, wier eng Optioun.




## 5. PUBLIKATIOUNEN

Am Joer 2024 huet d'EBL insgesamt 4 Infografiken publizéiert. D'Theeme waren déi folgend:

- Liewensqualitéit am naturnoe Gaart + Affiche "Méi Bléien, méi Liewen"
- Missioun Kompost
- Reewasser
- Freedefeier


Insgesamt ginn d'Infografike vun iwwer 50 Gemengen a Partnerassociatioune vun der EBL reegelméisseg genotzt.










### AUSBLÉCK

Och am Joer 2025 sollen nei Publikatiounen ausgeschafft a publizéiert ginn. Et ass ënnert anerem virgesinn, datt d'Serie „Eis Hausdéieren" vergréissert gëtt. Eng Infografik zum Wäert vum Bam an zum Reesen soll och erschaft ginn. Et besteet och d'Méiglechkeet, dat al EBL-Infografiken aktualiséiert a visuell nei opbereet ginn.

## 6. NATURPAKT

Am Kader vum Naturpakt ass d'EBL am Comité de Pilotage vun engem „Ënnerprojet", dee vum IMS geleet gëtt: „Nature Pact for Businesses. D'Konzept ass ähnlech wéi beim Naturpakt fir Gemengen, just dass an dësem Fall d'Entreprise viséiert ginn. Aner Partner an dësem Duechterprojet sinn:

- IMS
- SIAS
- ANF
- MECB

## 7. GRÉNGE WEB

### INTRO

Ziler vum Projet Grénge Web sinn nieft der Promotioun vun enger „nohalteg Digitaliséierung" an engem bewossten Ëmgang mat digitale Medien, och d'Verbesserung vum digitale Footprint, also der Reduzéierung vun den Ëmweltauswierkungen duerch eis Online-Aktivitéiten. Dëst gëtt duerch de Label Grénge Web, mee och iwwer aner Sensibiliséierungs- an Informatiounsaktiounen gemaach.

### IWWERBLÉCK

Nieft theoreteschen an technesche Grondlagen, versicht de Projet och konkret Verbesserungsvirschléi an alternativ Proposen ze vermëttelen. E wichtegt Uleies vum Grénge Web Projet ass et, fir um nationale Plang e Reseau u kompetenten an/oder interesséierten Acteuren zum Theema "nohalteg Digitaliséierung" opzebauen. Weider bitt d'EBL interesséierten Acteuren d'Méiglechkeet, duerch een extra entwéckelten Tool, Websäiten op hir Energie- a Ressourceneffizienz hin ze iwwerpréiwen an uschléissend ze verbesseren.

D'Theema trëfft ëmmer rëm op Interessi bei den ënnerschiddlechsten Acteuren, sief et bei Gemengen, Entreprisen oder lokale Veräiner. Doropshi gouf mam Klimapakt un engem Guide vun

der Nohalteger Digitaliséierung geschafft fir am Kader vum Klimapakt d'Gemengen ze motivéieren, verschidde kleng Schrëtt ze maache fir eng méi nohalteg Digitaliséierung.

E puer Formatioune fir Gemengen organiséiert via de CNFPC, den Educatiounsministère oder direkt mam interesséierten Acteur zesummen. Den Interessi säitens de Gemengen oder Firme fir esou eng Websäitanalyse wiisst säitdeem konstant weider an esou ginn och d'Demanden an d'Luucht. Den Tool an och d'Analyse vun de Websäite gi vun den Autiste geréiert, mat deenen d'EBL eng Kooperatioun zu dësem Zweck huet.

## HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

- Ëmweltministère an Digitaliséierungsministère iwwer de Projet informéiert fir méi Visibilitéit
- Gestioun vun der Websäit www.molnachemol.lu
- Geziilt Promotioun a Bekanntmaache vum Projet
- Realisatioun vun 9 Websäiten-Analyse mat Ofschlossbericht
- En Treffe mat de Partner fir Heap Studio am Reseau d'Expertise ze begréissen

## AUSBLÉCK

D'Netzwierk vum Grénge Web soll weiderhi gesponne gi fir nach méi Expertisen an Erfarung mat eranzebréngen. Dozou soll och versicht ginn, méi Kooperatioune mat institutionellen an ëffentleche Partner unzestriewen.

## PROJETEN

Projete sinn éischter kuerzzäiteg Aktivitéiten oder eemoleg Initiativen mat enger zäitlech ageschränkter Ëmsetzung (meeschtens 1-2 Joer). Och hei kann d'EBL den Initiator sinn oder mat dru geschafft hunn. Dës Projeten hunn dann och meeschtens ee predefinéierten Output a keen oppent Enn. Ufänglech Projete kënnen awer duerchaus och alt emol spéider an eng laangjäreg Campagne iwwergoen.

### 1. NATIONALE BESTËBSERPLANG

#### IWWERBLÉCK

Säit Ufank 2022 ass d'EBL Member vum Comité de Suivi, deen den Nationale Bestëpserplang begleet an d'Ëmsetzung iwwerpréift. Den Internetsite www.planpollinisateurs.lu, deen d'EBL scho fir d'Ausschaffe vum Plang erstallt hat, gouf och am Joer 2024 weider à jour gehalen.

#### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

Am Kader vum Bestëbserplang gouf 2024 déi drëtt Editioun vun den Aktiounswochen „B&B Action Weeks" (Bed & Breakfast fir Bestëbser) vum MECDD organiséiert, déi d'EBL mat promovéiert huet. D'EBL hat den Atelier „E bestëbserfrëndlechen Haus- oder Terrassegaart" an de Workshop „Bestëbser" organiséiert. Leider misste béid Aktivitéiten ofgesot ginn, wëll sech net genuch Leit ugemellt haten.

Säit Enn des Joers ass d'EBL och nees aktiv bedeelegt um Projet „Leitfaden zur Förderung von heimischen Bestäuberinsekten". Dëse Projet gouf vum Comité de suivi vum nationale Bestëbserplang initiéiert, an deem d'EBL jo och drasetzt, a soll praktesch Beispiller ausschaffen, fir eis Bestëbser ze ënnerstëtzen.

#### AUSBLÉCK

Och am Joer 2025 wäert d'EBL weider als Member vum Comité de Suivi täteg sinn an d'Internetsäit vum Bestëbserplang à jour halen. Bei den Aktiounswochen „B&B Action Weeks 2025" wäert d'EBL och nees aktiv matmaachen, warscheinlech mat engem neien Atelier.

## 2. NOHALTEG DIGITALISÉIERUNG

### IWWERBLÉCK

Well d'Digitaliséierungskonzept eng Mesure vum Klimapaktkatalog duerstellt, koum d'Iddi op, dass d'EBL e Guide fir eng "Nohalteg Digitaliséierung" ausschaffe kéint, fir de Gemengen zur Verfügung ze stellen.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

D'Konzept gouf mat der Klima-Agence beschwat an en éischten Draft vum Guide gouf opgestallt. Am Dokument ginn d'Basisprinziper vun enger nohalteger Digitaliséierung opgezielt, an déi praktesch Aktioune sinn a Form vun enger Checklëscht presentéiert. Pro Aktioun gëtt et eng Aart Ëmsetzungshëllef (Theorie an Informatiounen), esouwuel ewéi nëtzlech Indikateuren.




### AUSBLÉCK

Eng méi komplett Versioun vum Guide ass an der Maach a soll Ufangs 2025 fäerdeggestallt ginn. Duerno soll d'Dokument dann an e puer Gemenge getest ginn, ier et breet promovéiert gëtt. D'Indikateure sollen hei den Häerz vun der Diskussioun sinn ("wéi eng Zuele kann ee realistesch sammelen?"). Am Kader vun dësem Projet sollen ënner anerem de SIGI an den LSC (déi de GIS fir eng Partie Gemenge géréieren) kontaktéiert ginn, fir de Guide ze testen a wann néideg de Besoinen unzepassen.

## 3. DRÉNKWAASSER

### IWWERBLÉCK

Säit der Publikatioun vun der Lehrerhandreichung „Eist Drénkwaasser – Dem Melusina säi Choix“ am Joer 2022 bleift d’Waasserverwaltung (AGE) a Kontakt mat der EBL fir d’Dokument an d’Schoulen ze bréngen. 2023 huet d’EBL e Konzept fir eng Formatioun „Teach the teacher“ ausgeschafft, fir den Enseignanten ze weisen, wéi se d’Lehrerhandreichung gezilt an hirem Cours notze kënnen. D’Zil vun dëser Aktioun bleift weiderhin, Vertrauen an eist Drénkwaasser ze schafen, fir datt méi Leitungswaasser gedronk gëtt. Gläichzäiteg soll dës Wäertschätzung och dozou féieren, datt keen Drénkwaasser méi onnéideg verbëtzt gëtt.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

Fir d’Lehrehandreichung elo aktiv un d’Léierpersonal ze bréngen, huet d’EBL eng komplett Formatioun ausgeschafft, déi dem Léierpersonal weise soll, wéi een d’Lehrerhandreichung an der Klass ganz praktesch uwende kann. Et gouf zesumme mam MECB a mat der AGE decidéiert, eng ganz „Teach the teacher“-Formatioun op der BNE-Foire 2024 vun der EBL duerchféieren ze loossen. Virun dëser Formatioun goufen e puer Testcoursen, déi op d’Lehrerhandreichung opgebaut sinn, an 3 verschiddene Primärschoulklassen zu Koplescht gehale. Op der BNE-Foire, de 26. Mäerz, gouf d’Formatioun dunn och fir d’Léierpersonal gehalen, mat konkrete Beispiller a Fotoen aus de Kueren zu Koplescht.



### AUSBLÉCK

D’Formatioun „Teach the teacher“ kéint offiziell an de Weiderbildungsprogramm integréiert ginn. Den Austausch mat der AGE soll bestoe bleiwen, fir déi nächst Schrëtt ze definéieren.

# 4. HARESPELEN

## IWWERBLÉCK

Natur&ëmwelt huet virun e puer Joer e Berodernetzwierk gegrënnt mam Zil eng landeswäit Berodung a Léisungsvirschléi am Ëmgang mat Harespelen, respektiv Harespelsnäschter anzeriichten. D'EBL huet bis 2024 aktiv un dësem Réseau als Beroder deelgeholl.

D'EBL huet och e ganzen Info-Dossier vun 22 Säite fir d'Gemengen zesummegestallt, mat allen nëtzlechen a wichtegen Informatiounen iwwer d'Harespelsberodung, sou dass zukünfteg méi Leit an de Gemengen d'Kompetenz kréien, iwwert dës Insekten ze informéieren oder zumindest wësse, wou se déi néideg Informatioune fannen, fir un d'Bierger weiderzeginn.

Ab 2024 sollen déi aktiv Berodunge net weidergefouert ginn, well se e groussen Zäitopwand representéieren. Amplaz soll op den Dossier verwise ginn.

## HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

Am Joer 2024 gouf den Info-Dossier „Wespen-Ratgeber für Luxemburg" weider bei de Gemenge promovéiert. Wärend der Harespelsaison gouf d'EBL reegelméisseg sollicitéiert (vu Bierger, Schoulen, Entreprisen, Organisatiounen a Gemengen), fir Berodungen zu Harespelnäschter. Wa méiglech gouf op den Dossier verwisen, mee a verschidde Fäll gouf d'Berodung trotzdeem zum Deel nach iwwer Telefon oder Mail gemaach.

Nieft der bestoender EBL-Broschür zum Ëmgang mat den Harespelen, huet d'EBL nach e kuerze Flyer ausgeschafft fir de Fall wou eng Persoun net iwwerzeegt ka ginn, fir en Harespelsnascht sinn ze loossen. Op dësem Flyer sinn eng Rei Hiweiser, firwat datt Gëft net gutt ass a just den allerleschte Recours soll sinn.

## AUSBLÉCK

Den Info-Dossier „Wespen-Ratgeber für Luxemburg" soll e wéineg ugepasst ginn. Natur&ëmwelt wéilt gäre Partner beim Dokument sinn. Soubal déi nei Versioun prett ass, wäerte mir eis mat hirem „Service nature" austauschen, fir ze decidéieren ob hire Logo och soll drop stoen.

## 5. NEOPHYTEN

### IWWERBLÉCK

De Neophyten-Projet, deen u sech schon 2021 ugelaf ass, berout op enger Demande vun der ANF, e Guide mat alle Neophyten zu Lëtzebuerg opzestellen an hir Alternativen opzeweisen. Sënn an Zweck ass et, souwuel Gemengen- a Privatgäertner, Landschaftsplaner an aner Naturgestalter, wéi och Privatleit iwwer d'Theema vun de Neophyten opzeklären a méiglech alternativ Planzenzorte virzestellen, déi een amplaz setze kann. De Projet huet sech am Laf vun der Zäit awer als méi ëmfangräich an zäitopwänneg entpoppt, wéi ugangs geplangt. Nodeems 2022 verchidde Brouillone virgeluecht goufen, gouf d'Konzept 2023 finaliséiert an de Guide gouf am Laf vum Joer weider beaarbecht a vervollstännegt.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

No e puer Korrekturschläife mat der ANF gouf den Design nach emol komplett iwwerschafft. Enn 2024 gouf dunn déi lescht Versioun zwecks Validéierung un d'ANF geschéckt. D'EBL gëtt vun der ANF fir dësen Optrag mat 50.500 € entschiedegt.

### AUSBLÉCK

2024 soll de Guide ferdeg gestallt a geprint ginn. Ufank 2025 soll de Guide als PDF um Internetsite www.ounipestiziden.lu verfügbar sinn an de Guide soll eng éichte Kéier der Ëffentlechkeet présentéiert ginn. Duerno ass eng aktiv Promotioun vum Guide geplangt, fir dass dat Ganzt och an d'Praxis iwwergeet.

# 6. VALISES PÉDAGOGIQUES

## Waasserkoffer

### IWWERBLÉCK

De Liewensraum Waasser ass een immens sensibelt Ökosystem, wou kleng Verännerungen ee groussen Impakt kënnen hunn. Leider befannen sech 90 % vun eise Flëss a Gewässer hei an Europa an engem schlechten Zoustand. An och hei zu Lëtzebuerg ass Situatioun leider katastrophal. Dëse pedagogesche Koffer soll de Kanner de Liewensraum Waasser méi no bréngen an hinne weisen, wéi eis Gewässer entstinn a funktionéieren, wat am Waasser an an de Fiichtgebidder ronderëm lieft, a wéi een dëse Liewensraum schütze kann.

De Koffer ass an „zwee“ Deeler opgedeelt. Den éischten Deel ass geduecht fir am Klassesall ze notzen. Hei sollen d'Kanner duerch eng Aart Brietspill en theoretescht Wëssen iwwert Waasserkierpere vermëttelt kréien. D'Spill baséiert op dräi Pilieren: De Waasserzyklus an Allgemengwëssen iwwert Waasser (1), Waasser zu Lëtzebuerg (2), a Flora a Fauna am a ronderëm d'Waasser (3). D'Spill ass eng Mëschung tëscht Quizfroen, Experimenter an anere klengen Aktivitéiten.

Den zweeten Deel vum Koffer ass geduecht fir dobaussen um Terrain ze notzen. D'Kanner sollen dat geléiert theoretescht Wësse praktesch asetzen a verdéiwen. An dësem Deel huelen d'Kanner simpel chemesch Waasserprouwen, sammelen a bestëmme wirbellos Waasserdéieren a kucken sech d‘Struktur vum Waasserkierper un. Et ass deemno eng spillersch Entdeckungsrees ronderem d’Bach, de Séi oder de Floss. De Projet gëtt a Kooperatioun mam SIACH réaliséiert a finanzéiert.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

2024 gouf zesummemam SIACH d‘Konzept vum Waasserkoffer ausgeschafft. Ënn 2024 soll de prakteschen Deel vum Koffer fäerdeg gestallt ginn, mam Bestëmmungsschlëssel a mam experimentelle Material.

### AUSBLÉCK

Am Ufank vum Joer 2025 soll och den theoreteschen Deel fäerdeg ginn an duerno an enger Testphase am Fréijoer erprouwt ginn. De SIACH wéilt gäre 5 Koffere maache fir hir 5 Gemengen. Mir maache, fir den Ufank, just 1 Koffer. Eng Zesummenaarbecht mam Waasserfong ass fir den Développement an d’Promotioun unzedenken.

## Buedemkoffer

### IWWERBLÉCK

De Buedem ass ee wichtege Liewensraum dee leider oft iwwersi gëtt, mee dobäi ass ee voller Liewen. An engem Téiläffel gesonde Buedem beispielsweis fënnt ee méi Organismen wéi Menschen op der Welt. Donierft leescht ee gesonde Buedem wichteg Aarbechte fir eis. De Buedem späichert 3 Mol méi Kuelestoff wéi d'Atmosphär, filtert eis Drénkwaasser a 95% vun eise Liewensmëttelen hänke vum Buedem of. Leider ass de Liewensraum Buedem eng Thematik iwwert déi ee net oder net genuch schwätzt. Dëse Projet soll dat änneren an huet d'Ziel de Kanner a Jugendlecher iwwert Wichtegkeet vum Buedem opzeklären.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

2024 gouf d'Konzept vum Koffer ausgeschafft an eng Demande fir finanziell Ënnerstëtzung bei der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte gouf gemaach, déi mir accordéiert kruten.

### AUSBLÉCK

De Koffer soll Ufank 2025 fäerdeg ausgeschafft sinn an duerno an enger Testphas am Fréijoer erprouwt ginn. No dëser Testphase ass och eng Promotiounsphase ugeduecht, fir de Koffer gezilt bei allen Akteuren bekannt ze maachen.



# 7. KLENG SCHRËTT

## IWWERBLÉCK

Bei der Aktioun "Kleng Schrëtt" geet et drëms, de Leit opzeweisen, datt een och mat klengen Aktiounen am Alldag ganz einfach eis Ëmwelt schütze kann. Pro Theema ginn 9 kleng Aktioune proposéiert, déi ee maache kann. Do dernieft ginn awer och bei all Theema eng Rei vu Fakteblieder an Erausfuerderungen ausgeschafft, visuell flott opbereet. Zu de klenge Schrëtt gehéiert awer och eng Internetsäit ([www.klengschrett.lu](http://www.klengschrett.lu)), wou een och Theoriesdeeler, Spiller, Quizzer a weider Informatioune fënnt.

## HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

Dëst Joer gouf eng Versioun vun de klenge Schrëtt zum Theema Waasser publizéiert. Ënnert dem Titel „Waasser schätzen" sollen d'Leit sensibiliséiert ginn, eis Drénkwaasserressourcen wäertzeschätzen an net ze verbëtzen. Et gëtt wéi üblech eng Infografik mat 9 Aktiounen, 9 Erausfuerderungen, 18 Fakten an e Quiz.

WAASSER SCHÄTZEN

Niewebäi gouf och eng éischt Versioun vun engem „Kleng Schrëtt"-Workshop ausgeschafft, dee fir eng Schoulklass geduecht ass. Hei geet et drëms, an enger éischter Phas säin Dagesoflaf mat Biller ze weisen an dann, an enger zweeter Phas, kleng ekologesch Schrëtt fir all Etapp vum Dagesoflaf ze bestëmmen.

## AUSBLÉCK

Dat nächst „Kleng Schrëtt"-Theema, „Liewege Buedem", soll an der éischter Hallschent vun 2025 ausgeschafft a publizéiert ginn. De „Kleng Schrëtt"-Workshop soll weider ausgebaut ginn, bis e prett ass, fir 1 oder 2 Schoulstonn(en) ze fëllen.



## 8. KLIMAPAKT

### IWWERBLÉCK

D'EBL ass weiderhin e Partner vun der Klima-Agence am Kader vum Klimapakt, zesumme mat den Organisatioune CELL, IMS a Klima-Bündnis Lëtzebuerg.

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

D'EBL huet un de Versammlunge vun de Klimapaktpartner deelgeholl, déi vun der Klima-Agence organiséiert goufen. Et besteet e konstruktiven Austausch an d'EBL huet och um Klimapaktdag 2024 deelgeholl, wou d'Partnerorganisatiounen zesummen e Workshop fir d'Gemengemataarbechter geleet hunn (zum Theema „*Klimawandelupassung am urbane Raum*"). De Katalog "Klimapakt 2.0 - Mir hëllefen iech!", deen eng allgemeng Iwwersiicht vun der EBL-Hëllefstellung am Kader vum Klimapakt 2.0 gëtt, gouf weider bei de Gemenge promovéiert.

### AUSBLÉCK

D'EBL bleift och 2025 Partner am Klimapakt.

## 9. KLIMAUPASSUNGSSTRATEGIE

### IWWERBLÉCK

Den Ëmweltministère schafft un der neier Klimaupassungsstrategie fir d'Period 2025-2035. An deem Kader soll eng Consultation publique organiséiert ginn, un där virun allem d'Klimapaktpartner matschaffen. No der Consultation publique soll d'Strategie da finaliséiert ginn, ier et un d'Ëmsetzung geet.

Den Agenda vun der Consultation publique, deen d'Klimapaktpartner virgeschlo humm, gouf vum Ministère approuvéiert. Deemno soll am Februar 2025 dës Consultatioun mat enger Pressekonferenz lancéiert ginn, duerno bis Abrëll 7 thematesch Workshoppe mam professionelle Secteur an uschléissend bis Mee regional Veranstaltunge mam Grand Public stattfannen. Am Summer ginn d'Resultater vum Prozess presentéiert.

### AUSBLÉCK

D'EBL ka souwuel als Moderator, wéi och als Participant deelhuelen. Als Moderator misst awer e Budget festgeluecht ginn, well et awer relativ vill zäitlechen Opwand bedeit.

## 10. DES PETITS DEFIS POUR UNE PLANETE EN GRAND DANGER

### IWWERBLÉCK

Zesumme mat der Entwécklungs-ONG EDI Madagascar a.s.b.l. war d'EBL 2023 an e puer Schoulen ënnerwee, fir iwwer d'Konsequenze vum Klimawandel opzeklären. Unhand vu konkrete Fäll a Madagascar, wou de Klimawandel elo schon immens schlëmm Konsequenzen huet (Dréchent, Hongersnout), goufen och méiglech Konsequenzen op Lëtzebuerg an der Zukunft duergestallt an de Kanner esou méi däitlech erkläert. Ee vun de Message war och, datt aarm Länner, déi am meeschte vum Klimawandel betraff sinn, oft och am mannsten dozou bäigedroen hunn wéi mir an eisem „räiche" Land Lëtzebuerg, mee dass d'Konsequenzen iergendwann och bei eis wäerten ze spiere sinn. Am Zentrum stoung e Film iwwert de Klimawandel a seng Auswierkungen, deen extra fir de Projet zesummegestallt gouf.

De Projet gouf 2024 weidergefouert, mee dës Kéier mat EBL an EDI Madagascar als Co-Partner vum Projet (wou d'EBL 2023 als externen Intervenant matgemaach huet).

### HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

De Film gouf ganz nei zesummegestallt, mat enger Mëschung vun animéierte Biller (gemoolt vum Drazen Medakovic, Illustrator vun „Mäin éischt Null-Offallbuch") a reelle Biller aus Madagaskar. En erzielt d'Geschicht vum Betti a vum Litti, déi um Réck vun engem Villche bis op Madagaskar fléien, fir d'Konsequenze vum Klimawandel ze erliewen an ze verstoen.

Am November an Dezember ass d'EBL a verschidde Primärschoulklassen zu Mamer an zu Beetebuerg gaangen fir de Film ze weisen an en Atelier ze halen. D'Aktivitéite waren an 3 Deeler strukturéiert:

- Eng Fresque, déi vun de Kanner aktiv opgebaut gëtt, fir d'Konsequenzen vun eisen Zäregas-Emissiounen op d'Klima op der ganzer Welt ze verstoen.
- Eng philosophesch Ronn, an där verschidde Froen iwwert eis individuell a kollektiv Verantwortung an Aktiounsméiglechkeeten diskutéiert ginn.
- De „Kleng Schrëtt"-Workshop, bei deem Léisunge gesicht ginn, anhand vu ville klenge positive Gewunnechten, déi jidderen a säi Alldag integréiere kann.






### AUSBLÉCK

Am Januar 2025 geet d'EBL nach a verschidde Klassen an der Primärschoul op Koplescht, fir de Film ze weisen an den Atelier ze halen.

De Film an d'Biller vum Betti a Litti a Madagaskar kënnen eng ganz flott Inspiratioun sinn, fir en zukünftegt Buch iwwert de Klimawandel ze erstellen, am Kader vun der Serie „Mäin éischt Ëmweltbuch".

## 11. GEDANKEFLOSS

### IWWERBLÉCK

Ziler vum Atelier "Gedankefloss":

- sech mat Ëmwelttheeme befaassen ,
- léieren, eng eege Meenung auszedrécken an déi aner Meenungen ze respektéieren,
- verstoen, datt et bei all Fro Aspekter ginn déi op Fakte baséieren an aner Aspekter déi méi perséinlech sinn.

Dëst ass e relativ neie Projet, deen dëst Joer eng éischte Kéier mat enger 2ème aus dem Ettelbrécker Lycée getest gouf. De Projet beinhalt eng Intro, wou d'Schüler erkläert kréien, wat Wëssenschaft ass a wéi ee mat Fakten ëmgoen an argumentéiere kann. Duerno erkläert eng weider Intro, wat Philosophie ass a wou d'Wëssenschaft heiansdo net duer geet, fir eng Äntwert ze fannen kommen. Am nächsten Deel ginn de Schüler dann ënnerschiddlech Froe gestallt, wou si da souwuel faktesch, wéi och philosophesch mateneen diskutéiere kënnen. Fir dës Diskussioun ze animéieren, goufen e puer kleng Tools ausgeschafft. De Projet ass nach an der Entwécklung, mee de Feedback nom éischten Test war positiv.

„Gedankefloss"-Diskussiounsronne goufen duerno och a Primärschoulen getest am Kader vu Kueren iwwer Drénkwaasser oder Klimawandel (Projet "Des PETITS défis pour une planète en GRAND danger"), mee och am Format 'Stand' op engem groussen Event (Schoulfoire YEP).

### AUSBLÉCK

Spéider kéinten dës Diskussiounsronnen och fir e méi jonken oder méi en ale Publikum adaptéiert ginn. Ze ënnersiche bleift nach, wéi een déi diskutéiert Inhalter dokumentéieren a weidernotze kéint.

# 12. ËMWELTBICHER

## IWWERBLÉCK

An eiser Serie vun Ëmweltbicher gouf "Mäin éischt Null-Offallbuch" scho publizéiert. Dat zweet Buch "Mäin éischt Bestëbserbuch" ass säit 2024 an der Maach, mat enger finanzieller Ënnerstëtzung vum Ëmweltministère (61.409,82 €). Bei dësem Buch soll et drëm goen, de Kanner eis Bestëbserinsekten ze erklären an op hir Wichtegkeet hinzeweisen awer och wisou et der ëmmer manner dovunner gëtt a wéi mer se an Zukunft besser schütze kënnen.

## HAAPTAKTIVITÉITEN 2024

- Vum Null-Offallbuch goufen 2024 insgesamt 128 Bicher verkaf (93 u Schoulen, 32 u Privater an 3 un Organisatiounen). D'Gemeng Gréivemaacher haat dovunner 50 Bicher fir hir Schoule kaf. Weider 30 Bicher goufen an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltverwaltung am Kader vun engem Concours verloust, zesumme mat Betti-Litti-Virféierungen.
- D'Ausschaffe vum Buch "Mäin éischt Bestëbserbuch" gëtt vum Ëmweltministère iwwer 2 Joer matfinanzéiert. 2024 gouf d'Geschicht geschriwwen an déi eenzel Szenen definéiert. Dëst gouf an Zesummenaarbecht mam Marianne Kollmesch gemaach, dat säit Mëtt 2024 an der Pensioun ass. Zesumme mam Illustrator Drazen Medakovic goufen och schonn éischt Skizzen ausgeschafft. Visuell bleift d'Buch ganz no um "Mäin éischt Offallbuch" drun, sou dass d'Betti an de Litti och dës Kéier duerch d'Thematik leede wäerten.

## AUSBLÉCK

2025 soll d'Null-Offallbuch weiderhi promovéiert a bei alle méiglechen Events verkaf ginn. Och zousätzlech Aktiounen an de Schoule sinn denkbar an d'AEV huet och nees Interessi ugedeit, fir nees eng Verlousung ze maachen.

"D'Mäin éischt Bestëbserbuch" soll bis Enn 2025 fäerdeggestallt ginn. Den Illustrator Drazen Medakovic wäert d'Buch no de Virgabe vun der EBL zeechnen. Den Text soll dann och nach un d'Zeechnungen ugepasst ginn. D'Marianne Kollmesch wäert eng inhaltlech Iwwerpréiwung maachen an de Naturmusée wäert d'Illusstratioune vun de Planzen a Bestëbserdéieren kontrolléieren, fir dass déi awer fachlech méiglechst korrekt sinn. Wann d'Buch bis fäerdeg ass, soll parallel zum "Mäin éischt Null-Offallbuch" eng Promotiounscampagne vum "Mäin éischt Bestëbserbuch" lancéiert ginn.



## PRESS & RADIO

### IWWERBLÉCK

Och am Joer 2024 gouf d'Ëmweltberodung e puer mol an der Press oder um Radio mentionéiert.

Um Radio 100,7 ware mir insgesamt 5 mol vertrueden. Als Theeme konnte mir eise Projet Fro däi Coiffeur (23/01), eis Campagne Ouni Pestiziden (23/04), de Projet Gedankefloss (11/07), eis Infografik iwwer Hondskéip (24/09) an d'Neophytten (19/11) virstellen. Donieft hate mir den 28/02 beim Radio ARA d'Méiglechkeet d'EBL an engem Interview virzestellen. Och am RTL ware mir mat engem Interview iwwert de Projet Mol nach Emol.

An der Press ware mir dëst Joer och gutt vertrueden, mat Artikelen am l'Essentiel, Tageblatt, Luxemburger Wort, Le Quotidien an am Infogreen.

Souguer an de Journal hu mir et mat engem Bäitrag iwwert d'Campagne Ouni Pestiziden gepackt!




## KOMMUNIKATIOUN

Nodeems d'Kommunikatiounsstrategie am Dezember 2023 ausgeschafft gouf, huet d'Ëmweltberodung ugefaangen d'Strategie unzewenden. D'Haaptziler vun dëser Strategie kann een an dräi regruppéieren: e méi staarken Erëmerkennnungswäert erschafen, eng besser Reaktivitéit op d'Demandë vun de Gemengen an de Bénéficiairen an eng méi direk an accessibel Verbindung zu de Beneficiairen.

Fir e méi staarken Erëmerkennungswäert ze schafe gouf dëst Joer eng nei Charte graphique zesumme mat Skin Creative Studio ausgeschafft. Dës soll déi visuell Identitéit vun der EBL stäerken, soudatt mir duerch eis Publikatiounen an Informatioune méi schnell identifizéierbar ginn. Doduerch hoffe mir eis Message besser vermëttelen ze kënnen, ënner anerem andeems duerch déi nei Charte graphique d'Aktivitéit vun der EBL och grafesch a verschidden Theemen ënnergliddert gëtt, déi een direkt erkenne soll. D'EBL schafft an dësem Kader mat 9 Theemen an déi eis Aktivitéiten ënnergliddert ginn:

- Biodiversitéit
- Loft
- Waasser
- Buedem
- Kreeslafwirtschaft
- Energie
- Ernärung
- Stad a Land
- Digitaliséierung

Mee net just déi visuell Zouuerdnung soll esou vereinfacht ginn, och d'Sich no enger spezifescher Aktivitéit gëtt esou fir eis Memberen an eis Zilpublikumen erliichtert.




Fir besser op d'Demandë vun eiser Zilgrupp äntweren ze kënnen, goufen déi 9 Theemen och an eiser intern Organisatioun iwwerholl, sou dass mir méi einfach de Lien mat aanere Projete maache kënnen a Synergien direct erkennen. Duerch Infosessions an Infoblieder iwwer eis Aktivitéite soll d'Gesamtbild vun der EBL och méi kloer an einfach zougänglech gi fir eis Memberen.

# VERANSTALTUNGEN

## SEMINAIREN / KONFERENZEN / FORMATIOUNEN

### PAPOLL – Comité de suivi plan d'action pollinisateurs (08.03.2024)

Themen: Diskussioun iwwert déi néi EU „Nature Restauration Law", virstelle vu verschiddene Projete vun de Memberen vum PAPOLL an Austausch iwwert déi nächst B&B action weeks.

### Workshop Offallvermeidung am Prisong zu Givenich (02.10.2024)



Interaktive Workshop iwwert Offallvermeidung. Wat gëtt als Offall klasséiert, an a wat fir enge Beräicher? Wat kann ee maache fir den Offall ze vermeiden? No enger kuerzer Präsentatioun a konkret Aktioune fir Offall ze vermeide gouf ee Quiz an ee Gedankefloss mat de Leit gemaach.

### Konferenz : Vers une (dé)construction plus circulaire am SoNo zu Miersch (14.11.24)



Theemen : Renovéierung vun engem ëffentleche Gebai mat selektiven Ofbau- a Réemplomoossnamen, praktesch Aspekter vum Deconstructeursberuff fir de réemploi a versécherungstechnesch Froe ronderëm d'Dekonstruktioun an de réemploi. Vetruede woren ABP, Baatz, FOYER, Positiveimpakt, ROTOR, SECO an de LIST.

**Course fir Kanner a Jugendlecher**

### Diplom + (4x am Januar an 3x am Februar)



Zyklus vu Präsentatioune vu méigleche Beruffer am Ëmweltsecteur fir Lycéesschüler, déi no der 1ère nach Hëllef brauche fir sech ze orientéieren.

De Fokus loung op:

- déi aktuell grouss Erausfuerderungen am Ëmweltschutz,
- déi wichtegst Akteuren am Ëmweltschutz zu Lëtzebuerg,
- d'Decisiounsprozesser, tëschent Wëssenschaft a Philosophie,

- eng ganz Rei Ëmwelttheeme wéi de Klimawandel, den Defi vun der Energie, de Schwammstadt-Konzept, d'Kreeslafwirtschaft, d'nohalteg Digitaliséierung, de Biodiversitéitsverloscht, d'Wichtegkeet vum Buedem, asw…

## Atelier Precious Materials (28x an der Stad, 10x zu Esch, 20x zu Klierf, 4x mol International school)



Atelier vun 2 Stonne fir Schoulklasse wou se d'Thematik vun der Kreeslafwirtschaft mat verschiddenen Aktivitéiten a Spiller erkläert kréien. Als Highlight gëtt aus alen Plastiksstëpp eppes neies gemach: Eng faarweg Plack déi prett ass fir op eng nei Manéier benotzt ze ginn. Nodeems d'Jessica Theis no de Workshops zu Klierf de Projet net méi aktiv weidermécht, sicht d'EBL sech elo en anere Partner, fir d'Atelieren ze maachen. D'Jessica preparéiert awer och e Koffer zum Thema.

## Virféierung Betti a Litti spille mam Dréck (insgesamt 53x)



Interaktiv Virféierung iwwer Offallvermeidung wou d'Kanner zesumme matt de Figure Betti a Litti léiere wat et alles vir Offall gëtt a wat en domadder maache kann an wéi een e reduzéieren kann. Wärend der Virféierung sinn ëmmer nees kleng Aktivitéiten déi d'Kanner dozou animéiere matzemaachen. Opféierungen zu Trënteng, Mondorf, Briddel, Contern, Käerjeng, Gréiwemaacher, Clemency, Esch, Martelange, Barteng, Bur, Dippech a Waldbëlleg.

## Waasserkuer Koplëscht (21.-22.03.2024)

Passend zum internationale Waasserdag, deen all Joers den 22. Mäerz stattfënnt, kruten dräi Klasse vum Cycle 4 en interessante Kuer iwwer d'Theema „Waasser" ugebueden. Dee gouf am Kader vun eisem pedagogesche Projet „Lehrerhandreichung Eist Drénkwaasser" ausgeschafft. An deenen dräi Klasse goufe jeeweils aner Schwéierpunkten ugeschwat:

- "A la découverte de l'origine de l'eau potable au Luxembourg"
- "Les ambassadeurs de l'eau potable (valoriser et protéger la ressource eau)"
- "Les petits scientifiques : Expériences autour de l'eau potable"

D'Ziler vum Kuer ware villfälteg an hu vill Aspekter vun der Notzung vun eisem Drénkwaasser ofgedeckt:

- Verstoe vu wou eist Drénkwaasser hierkënnt, wéi et gebraucht gëtt a wou et duerno higeet.
- Eist Drénkwaasser schätzen a schützen: D'Valeur vum Krunnewaasser verstoen (einfachen Zougang fir jiddereen, Qualitéit an ekologesch Avantagen). Léieren, wéi kleng Experimenter kënne gefouert ginn, fir d'Waasser besser ze verstoen.
- Léieren ze diskutéieren a verschidde Meenungen ze respektéieren. Dofir goufen hei kleng philosophesch Ronnen am Kuer integréiert.





## Plastik Recycling Workshop St Georges's International School (25.04.2024)




Ee Workshop wou d'Kanner de Problem vun der Plastikverschmotzung méi no bruecht kréie mat Erklärungen zu der Kreeslafwirtschaft an enger praktescher Challenge iwwert Verschmotzung an eise Mierer.

## Ekonomie Bëschrally Miersch (26.06.2024)

E flotten Atelier iwwer d'Bëschfunktiounen, wou d'Schüler op interaktiver Art a Weis geléiert hunn, wéi déi wichteg Elementer vum Bësch funktionéieren an zesummeschaffen.






### Atelier Klimawandel a Madagaskar (Zu Mamer a Beetebuerg)

Beim Atelier „Des PETITS défis pour une planète en GRAND danger" gouf et drëms, iwwer de Klimawandel zu Lëtzebuerg an a Madagaskar ze sensibiliséieren. Et gouf eng Rei vun Aktivitéiten mat de Schüler gemaach:

- E kuerze Film zesumme kucken (dee mir selwer op d'Been gestallt hunn)
- Eng Fresque, déi vun de Kanner aktiv opgebaut gëtt, fir d'Konsequenzen vun eisen Zäregas-Emissiounen op d'Klima op der ganzer Welt ze verstoen.
- Eng philosophesch Ronn, an där verschidde Froen iwwert eis individuell a kollektiv Verantwortung an Aktiounsméiglechkeeten diskutéiert ginn.
- De „Kleng Schrëtt"-Workshop, bei deem Léisunge gesicht ginn, anhand vu ville klenge positive Gewunnechten, déi jidderen a säi Alldag integréiere kann.





## SEMINAIREN / KONFERENZEN / FORMATIOUNEN

- PAPOLL — 08. Mäerz
- Kannerfloumaart Beetebuerg Gänsespill — 20. Juli
- Assise Stengefort — 16. Juni
- Workshop Offallvermeidung am Prison zu Givenich — 02. Oktober
- Konferenz "Vers une (dé)construction plus circulaire" am SoNo zu Miersch — 14. November

## COURSE FIR KANNER A JUGENDLECHER

- Gedankefloss LTETT — 21. Abrëll
- Diplom + — 15. Januar → 07. Februar
- Wasserkuer Koplëscht — 21.-22. Mäerz

- Plastic recycling Workshop St Geroges's International School 25. Abrëll
- Ekonomie Bëschrally Miersch 26. Juni
- Atelier Transforma 17x
- Betti a Litti spille mam Dréck 53x
- Workshop Klimawandel a Madagaskar 18. September → 10. Dezember

## VERANSTALTUNGEN / EVENTS

- Schoulfoire 21. Abrëll
- Klimadag beim SIAS 12. Mee
- Klimapaktdag 07. Mee
- Waasserfest 09. Mee
- Klimapaktdag 07. Juni
- Journée porte ouverte SIVEC 16. Juni
- Fest vun der Natur 15.-16. Juni
- Transition Days 28.-30. Juni
- Ökofest 22. September
- Biowoch Mënzbech 23. September
- Kannerfest vun der Oueuvre am Parc Merveilleux 28. September





# D'TEAM VUN DER EBL ASS OCH 2025 FIR IECH DO!

# ZESUMME FIR ENG GESOND ËMWELT!

